I-2017-0-A-5101-01
(2792)

Renvoi en commission de la motion N°1 de Monsieur Fernand Kartheiser relative à la prise d'initiatives afin de mettre en œuvre des conventions entre Etats adaptées aux évolutions dans le domaine digital et permettant de saisir des opportunités dans ce domaine

Transmis en copie pour information
- aux Membres de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration
- aux honorables Membres de la Conférence des Présidents
Luxembourg, le 14 novembre 2017
Le Secrétaire général de la Chambre des Députés,

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Monsieur Marc Angel
Président de la Commission des affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration

Luxembourg, le 14 novembre 2017

Monsieur le Président,

J'ai l'honneur de vous informer qu'en la séance publique de ce jour, la Chambre des Députés a décidé de renvoyer devant votre commission la motion N°1 de Monsieur Fernand Kartheiser relative aux initiatives afin de mettre en œuvre des Conventions entre Etats adaptées aux évolutions dans le domaine digital et permettant de saisir des opportunités dans ce domaine.

Je vous saurais gré de bien vouloir m'informer des suites que votre commission y aura réservées.

Veuillez agréer, Monsieur le Président, l'expression de mes sentiments très distingués.

Mars Di Bartolomeo
Président de la Chambre des Députés

23, rue du Marché-aux-Herbes | L-1728 Luxembourg
Tél.: (+352) 466 966-1 | Fax: (+352) 22 02 30
www.chd.lu

adr:

ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Lëtzebuerg, de 14. November 2017

Depot: Här Fernand Kartheiser

PL 7185

1

# MOTIOUN

D'Chamber

- am Bewosstsi vun där ëmmer méi grousser Wichtegkeet vun der Digitaliséierung vun den Donnéeën an hirer Stockéierung ënner beschtméiglechen a séchere Konditiounen;
- iwwerzeegt, datt Lëtzebuerg och an dësem Beräich soll eng wichteg Roll spillen, an datt de verantwortungsvollen Ëmgang mat digitalen Date kann zu enger weiderer Diversifizéierung vun eiser Economie bäidroen;
- sech bewosst, datt dës Entwécklung och an de tëschestaatleche Relatiounen eng ëmmer méi grouss Roll spille kann, an datt Lëtzebuerg déi Chancen, déi sech an dësem Beräich opdoen, muss fréizäiteg erkennen an notzen;
- wëssend, datt esou international Entwécklungen och Implikatiounen op dat internationaalt, ëffentlecht Recht hunn, an datt d'Klärung vun deene juristesche Froen an déi domat verbonne Rechtssécherheet en onverzichtbare Grondstee fir den Ausbau vun den tëschestaatlechen Relatiounen am Datewiese sinn;
- drun erënnerend, datt déi Wiener Diplomaterechtskonventioun vun 1961, déi modern Entwécklungen am Beräich vun der Digitaliséierung an hir Implikatiounen op déi diplomatesch Relatiounen net konnt antizipéieren;

begréisst:

- dat Ofkommes tëschent Lëtzebuerg an Estland iwwer *"the hosting of data and informations systems"*, dat op dësem Gebitt Neiland betratt huet;

stellt fest:

- datt dat Ofkommes an engem bestëmmte Mooss kann als Virbild fir eng deelweis Upassung a Moderniséierung vun den internationale Konventiounen iwwer d'Reegele vun den diplomatesche Relatiounen tëschent de Staate ka sinn;

ass iwwerzeegt:

- datt eng Pionéierroll vu Lëtzebuerg an dësem Gebitt positiv Repercussiounen op eis Perceptioun an internationalen Institutioune kann hunn an och d'Promotioun vu Lëtzebuerg am Beräich vun der digitaler Economie ka favoriséieren;

fuerdert d'Regierung op:

- op internationalem Niveau Initiativen ze huelen, déi et erlaben, déi pertinent Konventiounen iwwer d'Relatiounen tëschent de Staaten un déi nei digital Entwécklungen an Opportunitéiten unzepassen.